# Propositioun fir de Butzendag 2017

## Themendag:  Polar-Expeditioun

Idee an Zil:
D'Kanner sollen an eng Fantasiwelt versat ginn ( duerch eng kleng Aféierung/Geschicht an/oder Biller) fir se ze motivéieren d'Statiounen an d'Spiller zesummen ze bewältegen;
Dat ganzt ronderëm d'Thema Polarexpeditioun/Schnéi

**A) Expeditioun:** 50-60 Kanner starten vu verschiddene Statiounen a Gruppe vu 6-8 Kanner a bewätegen de Circuit (Expeditioun)
Méiglech Statioune vun der Expeditioun:
Verschidde Statiounen je no Halendispositioun zu engem Circuit=Expeditioun zesummesetzen: mam Hannergedanken, dass een erfréiert, wann een an d'Äiswaasser=Halebuedem fällt, an net séier eraus kënnt

**1) Flooss:**
Als Grupp sech vun enger Äisinsel op déi aner mam Flooss un engem décken Tau weiderzéien = Mattewon oder Kastendeckel ëmgedréint mat 2 Flitzi;
de Flooss matt engem dënne Seel zeréckzéie fir déi nächst

**2) Schlittoffahrt:**
sech un enger Laangbänk un der Sprossewand eropzéien
eng aner erofrutschen

**3) Äisbierger**
eng Rei vu Geräter an eng Bunn widderenee stellen a mat Fallschirmer oder Decken iwwerdecken = Schnéidecken
! virsichteg iwwerquere well de Schnéi glat ass!

**4) Äisscholle-Feld iwwerqueren**
Matte verdeelt mat ënnerschiddlechem Ofstand iwwerqueren, ouni an d'Waasser ze falen

**5) Schlittenhënn**
op engem Flitzi oder ëmgedréinten Teppechstéck vun 2 Schlittenhënn nogezu ginn

**6) Gletscherspalt**
vun engem Äisbierg=Kasten eng Spalt iwwersprangen op ee Mattebierg
(Spalt ofséchere mat Matten)

**7) Déifschnéi**
déck Matt op Medezinbäll iwwerqueren

**8) Wackeleg Äisbrécken**
Laangbänk ëmgedréint op Gymnastikstäb oder op enger décker Matt iwwerqueren

**9) Kanu**
zu 2-3 an engem Kastendeckel ëmgedréint mat 2 Flitzi mat Hockeyschléier vun Insel zu Insel paddelen; Kanu matt engem dënne Seel zeréckzéie fir déi nächst

**10) Iglu/Schnéibuerg bauen**
Mat allerlee Schaumstoffelementer/Matten a.s.w. bauen

# B) méiglech Spill-Atelieren:

**1)Schnéihuesejuegd** (=Jägerball)
an 2' esou vill ewéi méiglech Géigner oftreffen
Jeeër an engem Reef ronderëm d'Schnéihuesen

**2)Schnéiballschluecht**
2 Mannschafte géigeniwwer beschéissen sech (ka mat Zeitungspabeier gespillt ginn)

**3)FallSchirm**
-Iglu
-Äisbieren: Iglu bauen=fest op de Rand vum Fallschirm setzen a gutt ofdichten, Äisbier probéiert een Eskimo mat sengen Tatzen ënnert dem Iglu erduerch ze erwëchen;
da gëtt dat och een Äisbier

**4)Titanic**
Kanner sëtzen all op enger Laangbänk oder Matt
Matt enger klenger Geschicht (Stuerm, Schaukelen, Kenteren) d'Kanner an d'Athmosphär versetzen:
Nom Kenteren huet de Grupp X Minuten Zäit sech all op eng sécher Plaz (Rettungsboot, Äisbierg) ze retten, éi si am kale Waasser erfréieren

**5)Schnéischonglafen**

Staffel mat den Iwwerschlappen fir an der Hal

**6)Schnéiblann**
schnéiblann Eskimoe mussen zeréck bei hieren Iglu bruecht ginn duerch:
-Geräischer
-un der Hand féieren
-mam Fanger untippen (rechts/lénks Schëller; Kapp=stopp)

**7)Schnéiballrullen:**
Staffel mat Petzibäll/Medezinbäll rullen

**8)Afréieren an entdeeën:**
Fänkspill: De Schnéimann (ee Spiller) fréiert d'Kanner duerch beréieren an; d'Sonn entdeet duerch beréieren

**9) Äisbieren op Äisschollen déi schmëlzen**
Dicher, oder Zeitungen = Äisschollen
Bei Musek schwammen d'Äisbieren am Waasser, wann d'Musek stoppt, ginn se séier op eng Äisscholl; no all Tour schmëlzt d'Äisscholl (Zeitung/Duch an der Mëtt falen)